

REÇU  
Par Aiff Christian, 17:58, 11/02/2021

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2020

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister fir Verdeelegung a bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

D'Militärspidol, sou wéi et elo ugeduecht ass, soll op Esch kommen. Elo ass den Emplacement vun esou engem Spidol natierlech eng ganz wichteg Decisioun an et ass derwäert fir sech méi genee mat deenen Iwwerleeungen auserneen ze setzen, déi zu där Decisioun geféiert hunn.

Dowéinst wéilte mir der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Iwwerleeungen hunn d'Regierung motivéiert fir keng onofhängeg nei Struktur ze schafen, mee dat geplangte Militärspidol un eng existéierend Spidolsinfrastruktur ze koppelen?
2. Huet e Militärspidol net besonnesch Exigenzen, z.B. wat d'Sécherheet vum Accès an d'Accessibilitéit iwwert d'Strooss a mat Helikopteren ugeet, wéi dat och dacks am Ausland bei esou Infrastrukturen de Fall ass?
3. Well esou e Spidol jo och fir besonnesch schwierig Situatioune soll benotzt ginn, wéi z.B. Pandemien, wär dann net eng raimlech Trennung zu aneren Infrastrukture mat vulnerabel Leit opportun?
4. Wär et och eng Optioun gewiescht fir esou e Spidol no bei de Findel ze setzen, oder no bei de militäreschen Infrastrukturen zu Dikrech?
5. Wat d'Optioun vun enger Ukopplung un en anert Spidol ugeet : ware nach aner Spideeler wéi de CHEM interesséiert? No wéi enge Krittären ass de Choix getraff ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Jeff Engelen

Deputéierten

Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 12 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3621 du 11.02.2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen et de  
Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Hôpital militaire

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin  
que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés